



DEZEMBER 2013 N° 35



FËSCHBER
GEMENGEBLAT

Layout: Ren Spautz

Redaktioune: Dany Hermes, Andrea Wagner, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

Mataarbechter: Patrick Delmarque, Olivier Molitor, Lis Weber, Marie-Louise Haas-Erpelding, Michel Scholtes, Luss Brosius, Lucien Karier, Chantal Fohl, Melda Denessen, Marie-Jeanne Schlechter, Daems Andrée, Guy Loullingen, Simone Majerus.

Drock:

Faber-Print-services & solutions, Miersch

Seite 1: Brunft 2013 (Foto: Ren Spautz)

Seite 2: Virwuet

Seite 3: Virwuet

Seite 4: Virwuet

Seite 5: Virwuet

Seite 6: Mierscher Lieshaus

Seite 7: Wësch 2013

Seite 8: Leader-Dag

Seite 9: Leader-Dag

Seite 10: Lëtzebuerger Vullewelt

Seite 11: Lëtzebuerger Vullewelt

Seite 12: 90 Joer Jos Turmes

Seite 13: Hämmelsmarsch

Seite 14: Schouljoer 2013-2014

Seite 15: Schouljoer 2013-2014

Seite 16: Schouljoer 2013-2014

Seite 17: Schouljoer 2013-2014

Seite 18: Schouljoer 2013-2014

Seite 19: Schouljoer 2013-2014

Seite 20: Schouljoer 2013-2014

Seite 21: Schouljoer 2013-2014

Seite 22: Schouljoer 2013-2014

Seite 23: Neit Léierpersonal

Seite 24: Pompjeeën

Seite 25: Gospelowend, Scheckiwwerreechung

Seite 26: Hobby Säit

Seite 27: Hobby Säit

Seite 28: Neue Elternvertreter

Seite 29: Grand Âge

Seite 30: Konferenzen-Dialog mit der Natur

Seite 31: Programm Mierscher Lieshaus

Seite 32: Scéances du conseil communal

Seite 33: Scéances du conseil communal

Seite 34: Scéances du conseil communal

Seite 35: Scéances du conseil communal

Seite 36: RMVA-Eglise Fischbach

Seite 37: Hei sinn ons Kueben

Seite 38: Fairtrade

Seite 39: Etat Civil 2013

Seite 40: De Kleessche kënnnt

Seite 41: De Kleessche kënnnt

Seite 42: Aktivitéitskalenner 2014

Seite 43: Aktivitéitskalenner 2014

Seite 44: Gléckwünsch 2014 (Foto: Rol Miny)

Redaktiouunsschluss Blat 36: 01.04.2014

VIRWUERT



Léif Biergerinnen a Bierger,

Zanter enger gewësser Zäit beschäftege sech déi dräi Gemenge Fëschbech, Fiels a Noumer mat dem Thema Fusioun. Vläicht ass et lech bekannt, dass aus deem Grond schonn länger Syngié bestinn.

Haut sinn déi dräi Gemenge gemeinsam an zéng Syndikater, Organisatiounen a Strukture vertrueden. Et sinn dat de FiLaNo mat der Sportshal an der Piscine, d'Museksschoul, de Commissariat de proximité an de Comité d'intervention vun der Police, de Centre d'intervention et de sauvetage, den Office social an d'Alters- a Fleegeheem vu Miersch. Och si mir zesummen am Leader Mëller dall an am Syndikat fir d'Schafung vum Naturpark Mëller dall, am Maintien à Domicile, am SIDEC, an am Office régional du Tourisme.

Fir d'Zukunft solle mir nach méi zesummewuessen, fir dass mir esou eis Stäerke kënnen zesummeleeën an weider Projete kennen émsetzen. Esou wëlle mir eise Biergerinnen a Bierger d'Versuergungssécherheet vum Waasser garantéieren, mat dem Bau vun engem gemeinsamen Drénkwaassernetz fir déi dräi Gemengen. Och wëlle mir de Projet vun enger gemeinsamer Aktivitéitszone weider entwickelen.

Am Kontext Fusioun - wat hu mir bis elo geschafft :

Zénter 2010 hunn déi dräi Schäffen- a Gemengeréit sech a regelméissegan Ofstänn zesumme gesat a geschafft.

Et waren

- zwou Reunioune mat der Cellule Indépendante Fusions communales / Inneministère fir hir Argumenter, Virschléi a Bedenken ze héieren
- d'Analyse vun den Date vum Sondage aus dem Joer 2009 mam Charel Margue (TNS ILRES) an dem Pol Estgen (Soziolog)
- eng Reunioun mat de Buergermeeschtere Ben Homan (Schengen) an Emile Eicher (Klierf) aus fusionéierte Gemenge fir d' Vir- an Nodeeler, Problemer an Erausfuerderungen ze héieren
- Workshope geleet vun enger professioneller Moderatorin vun ADT.



Fëschber Gemengeblat

Zesummen hu mir eng Visioun entwéckelt, wei mir an Zukunft eis Regioun wölle valoriséieren an nohalteg Projeten entwécklen.

E puer Date vun der fusionéierter Gemeng:

- Fläch : 5.747 ha
- d'Halschent dovunner ass Bësch, 508 ha si bebaut
- zesummen hu mer 8 Drénkwaasserquellen
- aktuell ronn 4.500 Awunner - dovunner ongeféier 650 Kanner am Grondschooulalter, 60 verschidden Nationalitéiten

Eis weider Schrëtt:

Zesumme mat lech wölle mir eis Visioun lo weider ausbauen an duerfir invitíere mir d'Biergerinnen an d'Bierger vun eisen dräi Gemenge ganz häerzlech, sech un enger bis fënnef Aarbechtsreuniounen ze bedeelegen. Dës Workshope fannen vun Ënn Januar bis Ufanks Mäerz Samschdes moies vun 8:30 bis 12:30 statt. D'Theme sinn:

Wirtschaftlech Entwécklung vun eiser Regioun	Samschdeg, den 25. Januar zu Noumer an der Gemeng
Aménagement communal a Mobilitéit	Samschdeg, den 1. Februar an der Fiels an der Jugendherberg
Land-a Forstwirtschaft an Naturschutz	Samschdeg, den 8. Februar zu Noumer an der Gemeng
Vie sociale an Educatioun	Samschdeg, den 1. Mäerz an der Fiels an der Jugendherberg
Veräinsliewen a kulturell Aktivitéiten;	Samschdeg, den 8. Mäerz zu Feschbesch an der Gemeng

3

Mir maachen also heimatter en Opruff, lech bis den **8. Januar 2014** op Ärer Gemeng ze mellen, mat dem Thema fir dat Dir lech interesséiert a mat deem Dir eise gemeinsame Projet wëllt weider mat opbauen.

Fëschber Gemeng

Tel : 327084-42 oder acfischbach.secretariat@sdscom.lu

Mir géingen eis freeën, lech an engem Workshop begréissen ze können a stigären zu Ärer Verfügung fir all weider Froen!

Zum Joresenn wünsche mir lech all Guddes a schéi Feierdeeg,

Marianne Brosius-Kolber, Marc Eicher, Pit Wies



Fëschber Gemengeblat



Chères citoyennes , chers citoyens,

Depuis un certain temps les communes de Fischbach, Larochette et Nommern élaborent un projet de fusion. Vous n'êtes probablement pas sans savoir que des synergies existent déjà.

Nos trois communes œuvrent déjà ensemble dans différents syndicats et autres structures. Ce sont notamment : le FiLaNo (syndicat s'occupant de la gestion du hall sportif et de la piscine), l'école de musique commune, le commissariat de proximité et le comité d'intervention de la police, le centre d'intervention et de sauvetage, l'office social et le Home pour personnes âgées à Mersch. Nous collaborons également avec d'autres communes dans le cadre du projet « Leader Mëllerdall » et le syndicat pour la création du Parc Naturel Mullerthal, au Maintien à domicile, au SIDEC et à l'ORT- Office régional du tourisme.

A l'avenir nous désirons travailler encore plus étroitement, afin d'associer nos forces et d'exécuter ainsi d'autres projets conjoints : un réseau d'eau commun pour nos trois communes afin de garantir l'alimentation en eau, et une zone d'activités régionale.

4

Fusion: les démarches entreprises

Depuis 2010 nos trois Collèges échevinaux et conseils communaux se sont réunis régulièrement avec entre autre:

- la cellule indépendante- fusions communales. Lors de deux entrevues les membres de la cellule nous ont fait part de leurs arguments, propositions et appréhensions
- Charel Margue (TNS ILRES) et Pol Estgen (Sociologue) qui ont fait l'analyse des résultats du sondage de 2009
- les Bourgmestres Ben Homan (Schengen) et Emile Eicher (Clerveau), deux communes récemment fusionnées, qui nous ont informés sur leurs expériences.
- Plusieurs réunions de travail ont eu lieu, sous la modération d'un professionnel de l'ADT.

Ensemble, nous avons élaboré une vision commune pour notre région, avec le but de valoriser et de développer des projets de manière durable.

Quelques chiffres sur la future commune

- Surface: 5.747 ha, dont la moitié de forêts, 508 ha de surface bâtie
- huit sources d'eau potable
- Actuellement 4500 habitants dont 650 enfants scolarisés, 60 nationalités

Les marches à suivre

Avec votre aide, nous désirons développer notre vision et vous invitons à discuter avec nous dans différents groupes de travail. Ces réunions auront lieu de fin janvier à mi-mars, les samedis matin de 8.30 à 12.30 heures. Les différents thèmes sont:



«le développement économique de notre région»	Samedi, 25 janvier à Nommern dans la maison communale
«l'aménagement communal et la mobilité»	Samedi, 1ier février à l'auberge de jeunesse de Larochette
« l'agriculture, la gestion des forêts et la protection de la nature»	Samedi, 8 février à Nommern dans la maison communale
«Vie sociale et éducation»	Samedi, 1er mars à l'auberge de jeunesse de Larochette
«Vie associative et activités culturelles»	Samedi, 8 mars à la maison communale de Fischbach

Si vous désirez contribuer à un ou plusieurs groupes de travail, afin de concevoir ensemble notre projet commun, nous vous invitons à contacter votre administration communale jusqu'au **8 janvier 2014** au plus tard.

Administration communale de Fischbach

Tel: 327084-42 ou acfischbach.secretariat@sdscom.lu

Nous espérons pouvoir vous accueillir à une ou plusieurs matinées et nous nous tenons à votre entière disposition pour de plus amples informations.

En vous souhaitant d agréables fêtes de fin d'année.

5

Marianne Brosius-Kolber, Marc Eicher, Pit Wies



Fëschber Gemengeblat

SCHREIBWERKSTATT

für Kinder ab Cycle 3.1

Freitag, den
03. Januar
2014
(Ferien)
10-12h30

15 €



Ein Tag in Schachtelhausen

*Für alle kleinen Leute
die Lust haben
mit Wörtern und Farbe
zu spielen*

Anmeldung bis 23. Dez. 2013 unter
Email: kontakt@mierscher-lieshaus.lu oder
Tel.: 26 32 21 13

Mierscher Lieshaus
55, rue Grande-Duchesse Charlotte
L-7520 Mersch

www.mierscher-lieshaus.lu




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture



Fëschber Gemengeblat

Wësch 2013



7



Fotoen: Marie-Jeanne Schlechter



Fëschber Gemengeblat

Gelungener LEADER-DAG in der Region Müllerthal



Vor außergewöhnlicher Kulisse veranstaltete das Landwirtschaftsministerium gemeinsam mit den fünf LEADER-Regionen am 21. September den diesjährigen LEADER-Dag in der Region Müllerthal in den drei Gemeinden Fischbach, Larochette und Nommern. Zahlreiche Akteure aus ganz Luxemburg nahmen an dem Event teil. Grund zum Feiern bot in diesem Jahr auch das zehnjährige Bestehen der Lokalen Aktionsgruppe (LAG) Müllerthal.

8

Um die 100 Akteure und Mitarbeiter aller fünf LEADER-Regionen fanden sich zum LEADER-Dag in der Region Müllerthal ein und genossen ein gelungenes Programm bei bestem Wetter. Die Veranstaltung begann mit einem Empfang im Vereinsheim Schoos durch Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber. Marc Eicher, Bürgermeister der Gemeinde Nommern, resümierte die 10-jährige Geschichte der LAG Müllerthal, bevor Luc Birgen, Präsident der LAG Müllerthal, den weiteren Ablauf des Tages vorstellte.

Auch Landwirtschaftsminister Romain Schneider richtete das Wort an die Gäste und dankte den LEADER-Akteuren für das große Engagement und die vielen erfolgreich gestarteten LEADER-Initiativen.



Fëschber Gemengeblat

Von Schoos aus starteten die Teilnehmer anschließend zu einer circa fünf Kilometer langen Wanderung durch Wald und Feld bis nach Meysemburg. Ein kleiner Aperitif mit regionalen Produkten erfrischte die Wanderer auf dem Weg zum Schloss, das sich heute im Besitz der Familie Clasen befindet.



Diese hatte anlässlich des LEADER-Dags die Tore geöffnet und das geschichtsträchtige Gelände zur Verfügung gestellt. Die Gäste wurden vor Ort von Herrn Pierre Wies, Bürgermeister von Laroche, empfangen. Herr Giorgetti vom Ingenierbüro HLG bot den interessierten Besuchern im Rahmen zweier Führungen Informationen zur einst als Sommerresidenz im Stil der Neo-Renaissance erschaffenen Anlage.

Auch ein Barbecue mit regionalen Produkten, das David Albert vom Restaurant l'Ernz Noire auf dem Burggelände bereitete, fand großen Anklang.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural



Fëschber Gemengeblat

Lëtzebuerg

vum Olivier



Schwarze Stuerk
Schwarzstorch
Cigogne noire



Brongbrëschtcchen
Braunkehlchen
Trier des prés



Grénge Fluessfénk
Grünfink
Verdier



Routschwanz
Hausrotschwanz
Rougequeue noir



Neimärder
Neuntöter
Pie-grièche écorcheur



Bussar
Mäusebussard
Buse variable



Dëstelpéckchen
Distelfink
Chardonneret élégant



Fëschber Gemengeblat

Der Vullewelt

er Molitor



Zillzapp
Zilpzalp
Pouillot véloce



Kréchel
Turmfalke
Faucon crécerelle



Spatz, Karmesch
Haussperling
Moineau domestique



Märel
Amsel
Merle noire



Panewippchen
Bachstelze
Bergeronnette noir



Kuesleefer
Kleiber
Sittelle torchepot



Kréi
Elster
Pie bavarde



Schielmees
Kohlmeise
Mésange charbonnière



Markollef
Eichelhäher
Geai des chênes

Fotoen an Text: Olivier Molitor



Feschber Gemengeblat

90 Joer Jos Turmes



12

Ufank Oktober huet de Schäfferot aus der Gemeng Fëschbech, d'Buergermeeschtesch, d'Marianne Brosius-Kolber, an hir zwee Schäffen, de Marco Karier an d'Simone Majerus-Schmit, dem Här Jos Turmes vu Schous fir seng 90 Joer gratuléiert.

Dofir ware si op lechternach an d'Altersheim CIPA-Belle Vue gefuer, wou den Här Turmes säit 10 Méint zu senger vollster Zefriddenheet, wéi hien an enger vun him verfasster Ried betount huet, wunnt.

A Präsenz vum Direkter vum CIPA-Belle Vue, dem Här Schmitz a vun zwee vu sengen enkste Mataarbechter, souwéi enger Duechter vum Jos Turmes, der Madame Degraux, huet hie vun alle fir säi Gebuertsdag gratuléiert kritt, mam Wonsch, datt hien esou aktiv soll bleiwen, wéi en dat elo an deenen 10 Méint, wou hien am Altersheim wunnt, war.

Bei engem Pättchen an engem klenge Maufel huet de Jos Turmes sech et net huele gelooss, eng Ried ze halen an och déi eng oder aner Anekdot aus sengem beweegte Liewen ze erzielen.

Hee wier e Gléckskand gewiescht, obwuel hien de Krich vu senger schlëmmster Säit erliefht huet. E grousse Merci geet un d'Famill Schlessner-Reding vu Knapphouschent, déi hie während där Zäit verstopppt a verpfleegt huet.

De Jos Turmes ass den 12. Oktober 1923 zu Knapphouschent gebuer ginn. Hee war deen Zweetjéngste vu 6 Kanner, 3 Jongen an 3 Meedercher. An d'Schoul ass hien zu Knapphouschent gaang, fir duerno am elterleche Bauerebetrib ze schaffen.

De 17. Februar 1949 ass hie mam Mia Goedert vu Schous bestuet ginn, déi och e Bauerewiesen haten. Aus deem Bestiednes sinn zwee Meedercher ervir gaang, d'Marie-Josée an d'Romaine.

Säit dem 18. Dezember 2001 ass de Jos Turmes Wittmann, mä hien huet ni seng Hänn an de Schous geluecht, seng Fëschweieren zu Fëschbech ware seng ganz Passioun a bis zum Dag, wou hien sech entscheet huet, an en Altersheim ze goen, huet een de Jos émmer op de Weiere bei der Aarbecht getraff.

Elo hëlt hee sech et richteg gutt zu lechternach am Altersheim an huet och schonn dem Direkter vum Altersheim eng Parti Schach ugebueden, déi den Här Schmitz mat Freed ugeholl huet.

Foto & Text: Ren Spautz



Fëschber Gemengeblat

Hämmelstmarsch

an der Gemeng Fëschbech



Schlass Fëschbech



Fëschbech



Schous



Weyer



Angelsbierg



Kéideng

Foto Angelsbierg: Andrea Wagner

Foto Schlass: Guy Loullingen

Fotoen: Rol Miny



Fëschber Gemengeblat



Schouljoer 2013-2014



CYCLE 1 PRÉCOCE

Erste Reihe von links nach rechts: Lory LAUER, Maria GONÇALVES DA SILVA, Jamie MARTINS, Lana SCHILTZ, Noémie FERNANDEZ GROTECLAES, Kathi VAESSE

Zweite Reihe von links nach rechts: Su RIPPINGER, Parwiz Jamal FALANA, Jimmy KOLBER, Philip WORTMANN, Iris RELVAS CORREIRA, Keirrison ALVES DUARTE, Juliette CHERON

Dritte Reihe von links nach rechts: Max DAEMS, Catherine WURTH, André MAGALHAES MOREIRA, Lynn DAEMS, Chloé MARIS, Léa ROBINET, Sarah LANNERS

Vierte Reihe von links nach rechts: Chantal HILBERT

Nicht auf dem Foto: Michelle VREHEN



Feschber Gemengeblat



Schouljoer 2013-2014



15

CYCLE 1

Erste Reihe von links nach rechts: Lilly STREFF, James RAMOS LIZARDO, Eve LANNERS

Zweite Reihe von links nach rechts: Emma MATIAS, Samed CAFI, Anne VAESSEN, Titouan HEINEN, Tim ROBINET, Johan LAM YANG JIUN

Dritte Reihe von links nach rechts: Gabriel RIOS FERRAZ, Mateo MC SWAIN, Bryan PINTO FATUDA, Alessia STEIWER, Oskar HADRYS, Florence CONRAD, Max THEISEN, Luka FERNANDES MITROVIC, Angelo FERREIRA MAGALHES

Vierte Reihe von links nach rechts: Francine NEUMANN



Feschber Gemengeblat



Schouljoer 2013-2014

16



CYCLE 1

Erste Reihe von links nach rechts: Semir SIJARIC, Almina HAJDARPASIC, Sam TIBOLD

Zweite Reihe von links nach rechts: Patrick DAMGE, Viviana PLACIDO PINTO, Mathis DIETERLEN, Constance CHERON, Rodrigo DUARTE SANTOS, Laure DICHTER, Louis MAX, Gabriel BURTON RAFFERTY

Dritte Reihe von links nach rechts: Adriana RODRIGUES, Manou MOURA, Maxime RODESCH, Lee BROSIUS, Greta VALLI, Soraia RODRIGUES DA SILVA, Noah MARTINS MENDES

Vierte Reihe von links nach rechts: Sarah BAMBERG, Marie-Josée WIRTGEN



Feschber Gemengeblat



Schouljoer 2013-2014



17

CYCLE 2.1

Erste Reihe von links nach rechts: Nevio MARTINS, David DAMGÉ, Felix KOLBER

Zweite Reihe von links nach rechts: Ana Rita MARTINS RODRIGUES, Esteban CARRERA DALOISO, Isaac ANTUNES, Emma REDING, Ruben TEIXEIRA NOVAIS

Dritte Reihe von links nach rechts: Luca ELSEN LAERA, Eric DINIS, Julie DA ASSUNÇAO AZEVEDO, Julie MAX, David SIJARIC, Clément DIETERLEN, Sophie WAMBACH, Sam BROSIUS

Vierte Reihe von links nach rechts: Nadine MICHELS, Catalina BADEN, Julie GORZA



Feschber Gemengeblat



Schouljoer 2013-2014



18

CYCLE 2.2

Erste Reihe von links nach rechts: Noé TIBOLD, Francisco CORREIA DA SILVA, Kinai BENTO ROCHA

Zweite Reihe von links nach rechts: Mathis OVERDICK BUCHHOLTZ, Anouk PÜTZ, Veronika FERREIRA MAGALHÃES, Carolina DOS SANTOS SAMPAIO, Paul CHÉRON, Jessica ALMEIDA

Dritte Reihe von links nach rechts: Liz DEGRAUX, Borian TYMI, Mattea VALLI, Mike SIL CABRAL, Julie MOURA, Adriana MAGALHÃES MOREIRA

Vierte Reihe von links nach rechts: Nadine MICHELS, Catalina BADEN, Samantha GORZA



Feschber Gemengeblat



Schouljoer 2013-2014



19

CYCLE 3.1

Erste Reihe von links nach rechts: Julie DAEMS, Lee RIPPINGER, Milly HARPES, Rayan MARTINS MENDES, Joffer Jacquie WAGENER

Zweite Reihe von links nach rechts: Marie KOLBER, Emma KONSBRUCK, Cindy FERNANDES, Levi ANTUNES, Luca SANTOS, Claudia TEIXEIRA NOVAIS, Nancy LAUER, Sarah DICHTER, William GOMES

Dritte Reihe von links nach rechts: Joffer Mireille GARSON, Lara SANTOS, Max SCHOLTES, Mike WEYRICH, Paulo GOMES TEIXEIRA, Rafaël PEREIRA DE ALMEIDA, Thybo SCHOCKMEL, Joffer Sarah KOLBER



Feschber Gemengeblat



Schouljoer 2013-2014



20

CYCLE 3.2

Erste Reihe von links nach rechts: Armela CAFI, Laurie PÜTZ

Zweite Reihe von links nach rechts: Olivia POULSON, Lynn LEHNEN, Gina SCHAEFFER, Gilles CONRAD, Fabio RODRIGUES TEIXEIRA, Mathis BRUST, Wesley LAUER

Dritte Reihe von links nach rechts: Julie ZIRNHELD, Gilles DINIS, Emilie ZIRNHELD, Anna MOURA, Mauro VILELA DO CARMO, Romain DIETERLEN, Mara REDING

Vierte Reihe von links nach rechts: Sarah KOLBER, Lucie PETER



Feschber Gemengeblat



Schouljoer 2013-2014



21

CYCLE 4.1

Erste Reihe von links nach rechts: Anna GÖTZ, Ana Marisa GOMES TEIXEIRA, Maya DAMIT, Sophie WELKENBACH, Conny SIMON, Dinis GOMES CORREIA

Zweite Reihe von links nach rechts: Edmond HAAS (L), André COSTA MOTA, Joanne RODESCH, Yoshi WAGNER



Feschber Gemengeblat



Schouljoer 2013-2014



22

CYCLE 4.2

Erste Reihe von links nach rechts: Tatiana DOS SANTOS SAMPAIO, Melda DENESSEN

Zweite Reihe von links nach rechts: Inês SOARES GONÇALVES, Alberte POULSEN, Ben HANFLAND, Lucie MENSEN

Fotos: Andrea Wagner



Feschber Gemengeblat

Neit Léierpersonal

Dést ass deen aachten Artikel an onser Serie, wou mir iech d'Leit virstellen, déi sech an der Angsber Schoul ém d'Kanner këmmeren.

Interview & Fotoen: Frank Weyrich



Fro	Äntwert	Äntwert
Numm	Sarah Kolber	Sarah Lanners
Wou gebuer?	Saarburg	an der Stad
Wéini ?	14. September 1986	2. Januar
Meng Stärkten	ech laache gäer	d'Freed mat Kanner ze schaffen an ech si gedölleg
Meng Schwächten	ech sti moies net gär fréi op	ech hu Séssegkeeten ze gär
Wat gefält mir un deenen aneren?	Eierlechkeet a Fréndlechkeet	fréndlech, witzeg an éierlech
Wat gefält mer net un deenen aneren?	Onzefriddenheet	granzeg an onéierlech
Meng Hobbien	reiden, liesen a ganz vill reesen	Handball spiller am HB Miersch
Meng Musek, déi ech lauschteren	alles	Pop a Musicals
Ech liese momentan	A Game of Thrones	Inferno vum Dan Brown
Wou ech Vakanz maachen	iwwerall	wäit eweich
Wat mir besonnesch wichteg ass	meng Frénn a Famill	Vill Spass am Liewen hunn
Mäi gréissten Dram	Ee Joer laang reesen	eng Weltrees maachen
Meng Liewensastellung	d'Liewe genéissen	aus all Moment dat Bescht maachen





Mir sichen nei aktiv Memberen

**Maach mat - Hëllef mat
Mir brauchen
DECH**

Bass du motivéiert an denger Fräizäit
anere Leit ze hëlfen,
da mell dech um 621 135 132 oder
schreib un: pompiers.fischbach@pt.lu



Zu eisen Aufgaben gehéiert:

- d'Rettung vu Menschen an Déieren,
- d'Läsche vu Bränn
- d'technesch Hëllef bei Accidenter
- de Schutz vun der Ëmwelt

100 Joer Pompjeeën an der Gemeng Fëschbech

24

D'Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech sinn houfereg, lech können hiert Centenairesbuch ze presentéieren.

Während bal 2 Joer hu mir Fotoen, Artikelen, Anekdoten a Geschichte ronderëm eis lokal Pompjeeën an d'Gemeng Fëschbech mat sengen Dierfer gesammelt.


Dëst Buch ass am Format A4 an huet ronn 300 Säiten a besteht aus 3 Kapitelen:

- 100-Joer-Feier
- Das Feuerlöschwesen der Gemeinde Fischbach
- Die Gemeinde Fischbach

Dir hutt d'Méiglechkeet, d'Buch ze bestellen, duerch d'Iwwerweisen vun **30€** op de Kont:

CCP LU78 1111 1503 4895 0000

mam Vermierk: "Buch 100 Joer, Ären Numm an Är Adress"



Fëschber Gemengeblat

Gospel-Owend

De 15. November hat de Senioreverän an d'Kulturkommissiou aus der Gemeng Fëschbech, op e Gospelowend invitéiert. Ënnert der Leedung vum Här Reckinger Claude vum "a capella" Gospel-Chouer, Chorus vun Osperm, hu 7 Dammen an 2 Häre gewosst, eis ronn 70 Membere mat hire Lidder ze begeeschteren. "Gospel" ass d'Kierchemusek vun Afroamerikaner, déi staark vum Blues a vum Jazz influenzéiert ass. Gospel-Songs si vum Joer 1930 un émmer méi populär ginn an den afro-amerikanesche Kierchen an enk verbonne mat de sougenannten "Spirituals", d.h. spirituelle Lidder.



An der Paus si mir och mat Kulinareschem verwinnt ginn, et sinn eng Hameschmier oder en Kéisteller servéiert ginn. Sou hate mir e flotten Owend a wäerte bestëmmt dëse Chouer nach eng Kéier bei eis engagéieren.

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding & Foto: Dany Hermes

Cäcilienfeier mat Scheckiwwerreechung un d'Associatioun „Wäertvollt Liewen“

Am Kader vun der Cäcilienfeier vun de Kierchechéier aus der Gemeng Fëschbech konnten déi zwee Vertrieder vun der Héllefsorganisatioun „Wäertvollt Liewen“ e Scheck vun 2000 Euro entgéinthuelen.

D'Sue stamen aus dem Erléis vum Porfest, dat am Juli op der Héicht zu Schous organiséiert gouf. Et ass ewell Traditioun, datt déi zwee Gesangveräiner dëst Fest an den Dingscht vun engem gudde Wierk stellen. De President vum Angsber Gesangverän Alex Kugener huet alle Sänger/innen fir hiren Asaz dat ganzt Joer a speziell beim Porfest Mercigesot an och d'Mataarbecht vun de ville Bénévole bei dëser Geleeënheet ervirgehuewen.

De Vize-Präsident vun der Associatioun „Wäertvollt Liewen“ » Jean-Marc Scheer huet a kuerze Wiederer erkläert wat d'Liewe mat der ALS-Krankheet bedeit an huet béide Veräiner fir hiert Engagement Merci gesot. D'Sue vum Porfest goufen an de Buchprojet „Wäertvollt lessen“ investéiert. Dëst vegetarescht Kachbuch vun der ALS-Präsidentin Nathalie Scheer –Pfeifer ass entstanen, fir anere Patiente Courage ze maachen. Et ass an deem Sënn eezegaarteg, well d'Auteurin wéint hirer Krankheet net méi selwer schmaachen a riche kann. D'Auteurin huet sech also just op hir Erënnerung un de Goût vun de verschiddenen Bestanddeeler vun der Rezepter konne verloossen. Bei dësem ongewéinleche Projet gouf si vun hirer Famill a ville Frënn énnerstëtzzt. Um Internetsite www.waertvollt-liewen.lu fénnt ee weider Informatiounen iwwert déi jonk Organisatioun an och iwwert d'Buch „Wäertvollt lessen“.



Text: Chantal Fohl




Fëschber Gemengeblat

Hobby-Säit

Melda Denessen Angelsbierg

26



Et war 2007 an Holland, genee zu Maarheeze, d'Uertschaft wou d'Melda mat sengen Elteren déi Zäit gewunnt huet, éier si op Angelsbierg koumen, wou d'Melda, deemools grad 6 Joer al,deen éischte Kontakt mat Päerd gemaach huet.

Et huet do eng Reitschoul besicht an och hei schonn esou munches geléiert.

Wéi si 2010 op Angelsbierg koumen, hat d'Famill sech séier hei agelieft an och direkt um Veräinsliewen deelgeholl.



Et huet awer bis 2012 gedauert, bis d'Melda eng adäquat Reitschoul fonnt huet, esou wéi hatt se zu Maarheeze an Erënnerung hat. De Kontakt mat der Reitschoul koum duerch seng Fréndin, d'Chiara zustan, dat hei, zu Steeën, och seng Päerdsheemecht fonnt huet.

Am Ufank hat Melda e Schoulpäerd, wou hatt déi éischt Méint drop geridden ass. Mä hatt huet esou laang bei sengem Papp geschläimt, bis deen da bereet war ,dem Melda e Päerd an Hallefpensioun ze huelen. Et ass de Black Tiger, e schéint a braavt Päerd



Feschber Gemengeblat

De 6. Juli 2013 ass d'Melda sain éischten Turnéier zu Steeën geridden. Heibäi war d'Resultat net esou wichteg, mä den Olympesche Gedanken, derbäi sinn ass alles.



Bei dësem Turnéier huet et gegollt, déi verschidden Hürden ze meeschteren.

- den Oxer ass en Héichwäitsprung
- den In-out si meeschters zwee oder méi Spréng, wou no all Landung d'Päerd erëm direkt muss héich sprangen.
- d'Kombinatioun, besteht aus méi Spréng, wou téschent all Hürd, een oder zwee Galoppspréng leien.

Et gett awer och déi eng oder aner Anekdot ze erzielen. Esou huet d'Melda och schonn emol am volle Galopp gemierkt, wéi een e Päerd onfräiwëllegr verléissst. De Black Tiger hat sech erféiert, ass duerch gaangen a mam Melda op enger schmiereger Plaz ausgerutscht, an déi zwee hunn sech um Buedem erëm font. Duerno ass de Black Tiger a Panik an e pickegen Drot gelaf an huet sech relativ uerg Fleeschwonnen zougezunn. Dem Melda war gottseidank näischt geschitt an dem Black Tiger seng Verletzunge si schnell verheelt.

D'Melda geet an der Schoulzäit véier Mol d'Woch reiden, an der Vakanz bal all Dag, ganz nom Motto „vu näischt kënnt näischt“.

Allerdéngs huet d'Schoul absolut Prioritéit, do passe seng Elteren schonn op, datt d'Schoul net ze kuerz kënnt.

Am Hierscht d'nächst Joer geet d'Melda an de Secondaire, da muss hatt, wéi et sech ausdréckt, souwisou méi lues trieden, well hatt huet nach eng Leidenschaft, déi Zäit an Usproch hëlt, nämlech Danzen, a bekanntlecher Weis, kann een net op allen Hochzäiten danzen.



Text: Ren Spautz & Fotoen: Famill Denessen
Ren Spautz



Feschber Gemengeblat

Die neuen Elternvertreter sind gewählt

Am 21. Oktober 2013 waren alle Eltern, die Kinder in der „Angsber Schoul“ haben, ins Vereinshaus eingeladen, um ihre neuen Elternvertreter für die nächsten zwei Jahre zu wählen. Seit 2009 sieht das Schulgesetz diese Wahlen vor.

Edmond Haas hielt als Schulpräsident einen Rückblick über die Änderungen im Schulwesen und die sehr gute Zusammenarbeit zwischen dem Schulcomité und den bisherigen Elternvertretern. Er bedankte sich für das Engagement von Andrea Wagner in den letzten vier Jahren. Sie kandidierte dieses Jahr nicht mehr.

Insgesamt hatten sich fünf Kandidaten als Elternvertreter gemeldet. Nachdem die Versammlung dafür gestimmt hatte, dass auch fünf Elternvertreter gewählt werden sollten, war diese Wahl schnell entschieden.

Die neuen Elternvertreter sind: Luss Brosius, Joëlle Kolber-Bissen, Jean-Marie Pütz und Steve Tibold aus Schoos und Bärbel Frey aus Fischbach.

Unsere Bürgermeisterin, Marianne Brosius-Kolber, gratulierte den Neugewählten und beim Ehrenwein der Gemeinde lief der Abend gemütlich aus.

Text: Andrea Wagner & Fotos: Andrea Wagner, Luss Brosius



Gruppenfoto:

von links nach rechts: Jean-Marie Pütz, Steve Tibold, Joëlle Kolber-Bissen, Luss Brosius, Bärbel Frey



Feschber Gemengeblat



Journee du Grand-Âge

29

Den 13. Oktober huet de Senioreveräin aus der Gemeng Feschbech den Dag vum drëtten Alter gefeiert. No der Usprooch vun der Presidentin Marie-Louise Haas-Erpelding an der Buergermeeschtesch Marianne Brosius-Kolber, huet de Restaurant Steinmetz vu Bech e gudde Menü zerwéiert. D'Gemeng huet eis den Éierewein offréiert.

Den Här Simon Gross vun RBS, Center fir Altersfroen, huet en intressanten Exposé virgedroen, Thema: „Es war immer so oder nichts ist mehr, wie es war“.

Duerno hunn eis Jubilaren e klenge Cadeau iwwerreecht kritt. Hei d'Nimm vun de Geéierten:

Fir 75 Joer: Heirens Margot, Heymanns Josée, Kemp Alfred, Kemp Marguerite, Manderscheid Lori, Millmeister Thérèse

Fir 80 Joer: Albers Henk, Sauber Vic, Tunsch Jean, Zenner Claire

Fir 81 Joer: Bernardy Eugénie, Hoffmann Marie-Louise

Fir 82 Joer: Bisenius Lucie, Dahm Irma, Karier Alice, Müller Alice, Ries Anneliese

Fir 83 Joer: Kemp Mathias, Kemp Jeanne, Kies Hubert

Fir 84 Joer: Ries Kurt, Theisen Amelie, Tholl Marguerite, Weis Irma

Fir 85 Joer: Klemens Emely

Fir 86 Joer: Karier J.P., Peters Marie

Fir 88 Joer: Schmit Joséphine

Fir 90 Joer: Turmes Jos

Fir 91 Joer: Miny Maria, Pletschet Marie

Fir 92 Joer: Peters Paul

Fir 93 Joer: Erpelding Sophie

Fir 94 Joer: Lanckohr Germaine

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding & Foto: Lis Weber



Feschber Gemengeblat

Dialog mit der Natur

3 Konferenzen



DIALOG mit der NATUR

3 KONFERENZEN
in Schoos im VEREINSHAUS
„op der Héicht“



Organisation:



Kulturkommission
Fischbach



